N°2462
Entrée le 16.06.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 17.06.2025
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 16/06/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir den Interieur & Mobilitéit an Ëffentlech Aarbechten weiderzeleeden.**

An der Gemeng Péiteng gouf et eng Konfusioun ëm d'Kompetenz vum Gemengerot betreffend enger Decisioun zur Gestioun vum Stroosseverkéier.

Esou hat d'Gemengeverwaltung, ouni de Vott vum Gemengerot iwwert eng Ännerung vum Règlement général de la circulation ofzewaarden, d'Beschëlderung op verschiddene Stroossen en aval scho geännert. De Gemengerot huet de Vott den 31te Mäerz geholl, also nodeems d'Beschëlderung schon en place war.

An enger schrëftlecher Äntwert vum 2te Juni 2025 op eng Fro vum Gemengeconseiller Chris Bernard (Referenz : 2025.66625.SECR) schreiwen déi politesch Responsabel:
*"Jo, mir konnten dat maache well an dësem Fall d'Reglementatioun, mat oder ouni Signalisatioun, souwisou déi selwecht war. D'Signalisatioun gouf installéiert, well dëst eng nei Uweisung vum Ministère de la Mobilité et des Travaux publics war."*

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Fro stellen:

1. Ass d'Virgoen vun der Gemengeverwaltung juristesch richteg an huet déi Beschëlderung dierfte gemaach ginn, ouni dem Gemengerot säi Vott heizou ofzewaarden?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten